

Lëtzebeureg den 11. Juni 2020

Brëfft : Öffentleche Brëif iwert d'Besuchsrecht an den Alters-an Pflegeheemer

Madamm Minister Cahen, Madamm Minister Lenert,

ewéi schonn an eise Brëif vum 28.05.2020, hunn mir d'Patiente Verriedung asbl, lech op Problematik vum Besuchsrecht an den Altersheimer opmierksam gemaach.

Obwuel, ee Besuchsrecht erëm méiglech ass, gi mir nach bal all Dag, vun Leit kontaktéiert, déi hir Emotiounen, Ängschten a Roserei, zum Ausdrock bréngen, well se hir Léifsten, an engem Alters-oder Fleegeheim, nach ëmmer net oder nëmme sporadesch kënnen besiche goen.

Well et bis dato keng genee Richtlinnen gi, kann all Direktioun vum Haus selwer decidéieren ob an wéi si den Besuch organiséieren. Doduerch, dass et keng genee Leitlinie gi, interpretéiert all Haus et anescht, dat geet vun bis, dass gesot gëtt, et dierft keen vun der Famill eran an d'Haus, et dierf nëmme ënner Opsicht Besuch empfaange gin asw.

An sou ass och a munchen Haiser den Besuch just ënner ganz strengen Oplagen méiglech zB muss ee laang am viraus RdV huelen, Besuch nëmme hannert enger Plexiwand déi esou deck ass, dass et den eelere Leit net méiglech ass den Besuch ze verstoen. Munch ee Bewunner huet dat esou traureg gemaach, dass sie gesot hunn, ënnert dësen Ëmstänn wéilten sie léiwer keen gesinn, wéll sie sech dach net sou kéinten austauschen wéi sie et wéilten. Och ass an villen Haiser beim Besuch eng Persoun vum Personal mat dobäi, och bei Leit déi gutt eleng eens gin. Vun Privatsphär ass net ze schwätzen, wichteg Saachen déi mussen beschwat gin z.B. finanziell Suergen, gin net ugeschwat, eben wéll en « Friemen » mat am Raum ass. Vill Leit hun ons an dësem Zesammenhang matgedeelt, dass sie sech fillen wéi an engem Prisong wou eng Opsicht muss dobäi sin.

Enger Ausso no: *“Kontakter sinn nemmen dobaussen op RdV méiglech, d.h. d'Residents kommen mat verschiddenen Persounen an Kontakt. Mat grousem Opwand ginn d'Bewunner, déi sech net selwer kennen beweegen bei den Wuerenquai (Quai de livraisons) begleet. Hei, brauchen des Leit dann weider Hëllef fir dësen Quai se verloossen an sech bis bei eng Sätzgeleeënheet, déi net nobäi ass, ze beweegen. “*

Dëst gëtt esouwuel vun den Bewunner als och vun den Familljememberen als ganz onangeneem empfonnt.

Vill Bewunner stellen sech d'Fro, wat se falsch gemaach hunn, dass sie net méi regelméisseg kënnen hir Léifsten gesinn.

Duerfir fuerderen mir, Patiente Verriedung asbl, nach emol kloer an däitlech, dass allgemeng Richtlinnen ausgeschafft musse gi, esou, dass jiddwereen sech dorun orientéieren kann. Am Beräich vun den Spideeler, wou och all Haus aner architektonesch Begebenheeten huet, déi eng Haiser modern sin, déi aner méi aal, war et méiglech, dass vun der Direktioun vun der Santé kloer an präzis Leitlinne opgestallt gin sinn. Wisou soll et dann net och am Beräich vum long Sejour méiglech sinn?

Eng Méiglechkeet fir et den Haiser ze vereinfachen wier, am Beräich vum long Sejour eng « task force » op d'Been ze stellen, déi sur Place an déi Haiser geet, déi Schwierigkeeten hunn, déi uewen gefuerdert Leitlinnen ëmzesetzen. Zesummen mat den Experten vun der « task force » kann dann gekuckt gin, wéi en d'Leitlinnen kann sécher an gutt ëmsetzen.

Weideres hunn vill Haiser d'Méiglechkeet bei guddem Wieder hir Bausenanlagen ze notzen, an dem Bewunner an dem Besuch d'Méiglechkeet ze gin, sech do kënnen ze gesinn.

Mir, Patiente Verriedung asbl, sinn eis bewosst, dass dëst net einfach ass. Dass d'Regierung hiert Méiglechst gemaach huet, fir d'Leit ze schützen an d'Verbreedung vum Virus ze ënnerbannen, wou mir Patiente Verriedung asbl, den Verantwortlechen, eis déifsten Luef ausdrécken.

Mee, d'Wuelbefannen vun den Leit ass over genau esou wichteg, an et muss dem genau esou Rechnung gedroen gin.

Zesummefassend fuerder mir also :1. dass genee Richtlinne ausgeschafft gin, an 2. och eng "Task Force" geschaffen gëtt, fir deenen eenzelen Haiser kenne, mat Rod an Dot, zur Säit ze stoen.